



Äntwert vum Verdeedegungsminister op d'parlamentaresch Fro n° 6629 vum 8. August 2022 vun den honorabelen Députéierten Sven Clement a Marc Goergen

Zur Fro 1:

D'Dréchent vun de Bëscher stellt eng allgemeng Gefor duer, déi awer am Depot vun der Arméi net méi grouss ass, wéi soss am Land.

D'Munitioun um Depot gëtt a reglementéierte Verpackunge stockéiert an dobäi gi ganz strikt Sécherheetsmesuren applizéiert. Déi Sécherheetsmesurë baséiere sech op den NATO-Standard AASTP-1 „NATO Guidelines for the storage of military ammunition and explosives“. D'Gestionnaire vun der Munitioun bei der Arméi gi speziell op deem Standard ausgebilt.

D'Arméi schafft momentan, zesumme mat der Verwaltung fir öffentlech Bauten, un engem Reamenagement vum Munitiounsdepot. Et ass geplangt dee Gesetzesprojet nach an dëser Legislaturperiod ze deposéieren. Domadder wäerten d'Sécherheetsmesuren am Allgemengen nach eng kéier verbessert ginn.

Zu de Froen 2 an 3:

D'Arméi hält sech och an deem Fall un d'Virgawe vum AASTP-1. Ronderëm d'Hangare si Merlonen a Feierschneisen an et ginn elo och nach zousätzlech Feierläschchen an anert Material (Feierpatschen, Feierhoken, Sandkiwwelen, Schëppen, Eemer) bei den Hangaren en place gesat.

D'Feierbekämpfung selwer wäert, am Fall vun engem Ongléck, vum CGDIS assuréiert ginn – dofir steet d'Arméi an enkem Kontakt mam CGDIS.

Finalemment ginn et véier ënnerierdesch Läschwaasserbasengen à 100.000 Liter pro Baseng.

Lëtzebuerg, den 2. September 2022

(s.) François Bausch

Verdeedegungsminister